N°4081
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.05.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den Artikel 27 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwert d'lëtzebuerger Nationalitéit gesäit eng Optioun fir Volljäreger vir, déi op d'mannst siwe Joer vun hirer Schoulzäit „dans le cadre de l'enseignement public luxembourgeois ou de l'enseignement privé appliquant les programmes d'enseignement public luxembourgeois" absolvéiert hunn. Dës Persounen si vum Sproochentest an vum Cours „Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" dispenséiert, well de Legislateur dovunner ausgeet, dass eng Schoulzäit vu siwe Joer am lëtzebuerger System eng genügend sproochlech an zivil Integratioun garantéiert.
Aus dem Commentaire des articles vum Dossier parlementaire n° 6977 geet awer ervir, dass Joeren, déi an engem Schoulwiesen verbruecht goufen, dat net de Programm vum ëffentleche lëtzebuerger Enseignement applizéiert, keen Droit à l'option opmaachen. Explizitt betraff sinn d'École européenne, de Lycée Vauban, d'International School of Luxembourg, d'St. George's International School wéi och déi ëffentlech international Schoulen, déi duerch d'Gesetz vum 20. Januar 2016 geschafe goufen, dorënner d'École internationale Edward Steichen (EIES) zu Klierf.
Dësen Ausschloss huet konkret Auswierkungen um Terrain. Et ass mir zu Ouere komm dass jonk Leit, déi zu Lëtzebuerg opgewuess sinn, laang Joeren eng ëffentlech international Schoul wéi den EIES besicht hunn a Lëtzebuergesch schwätzen, eng Sprooch déi an dëse Schoulen och geléiert gëtt, de Benefice vum Artikel 27 refuséiert kréien. Dës Persounen, déi déif an der lëtzebuerger Gesellschaft integréiert sinn, mussen de Wee vun der normaler Naturalisatioun goen, inklusiv Sproochentest an de Cours „Vivre ensemble", obwuel hire Schoulparcours zu Lëtzebuerg hir Verankerung am Land beleet.
Dës Situatioun schéngt ëmsou méi paradox, wéi d'Regierung aktiv déi weider Kreatioun an d'Entwécklung vun ëffentlechen internationale Schoulen um Territoire national virundreiwen, well si doran en Outil fir d'Attraktivitéit an d'Integratioun gesinn. Et schéngt widdersprëchlech, dës Schoulen ze promouvéieren an

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

zur selwechter Zäit d'Schüler, déi dës Schoulen besichen, beim Accès zur Nationalitéit ze penaliséieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch vun der Justiz confirméieren, dass Schouljoeren, déi an ëffentlechen internationale Schoulen, wéi den EIES zu Klierf, absolvéiert goufen, net am Kader vum Artikel 27 vum Nationalitéitsgesetz unerkannt ginn?

2. Wéivill Demande d'option am Kader vum Artikel 27 sinn zanter 2017 refuséiert ginn, well den Demandeur eng ëffentlech international Schoul besicht hat?

3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass dësen Ausschloss nach gerechtfäerdegt ass, ugesinn datt d'Netz vun den ëffentlechen internationale Schoulen ausgebaut gëtt an datt do Lëtzebuergesch geléiert gëtt?

4. Kann den Här Minister fir Educatioun preziseieren, a wéi engem Mooss den Enseignement vun der lëtzebuerger Sprooch an d'Matière vun der Instruktioun civique an den ëffentlechen internationale Schoulen sech vun deem am klasseschen ëffentleche Schoulwiesen ënnerscheeden?

5. Gesäit d'Regierung eng legislativ Ännerung vum Artikel 27 vir, fir d'Schouljoeren, déi an ëffentlechen internationale Schoulen absolvéiert goufen, ganz oder deelweis unzeerkennen, gegebenefalls ënnert der Bedingung vun engem sproochleche Volet am Lëtzebuergeschen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, an dem Edukatiounsminister, Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Fro n° 4081 vum 11. Mee 2026 vum honorablen Deputéierte Monsieur Sven CLEMENT.**

**1. Kann d'Madamm Ministesch vun der Justiz confirméieren, dass Schouljoeren, déi an ëffentlechen internationale Schoulen, wéi den EIES zu Klierf, absolvéiert goufen, net am Kader vum Artikel 27 vum Nationalitéitsgesetz unerkannt ginn?**

De Justizministère confirméiert, dass am Kader vum Artikel 27 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit nëmmen déi Schouljoren unerkannt ginn, déi am Kader vum ëffentleche Lëtzebuerger Enseignement oder vum private Schoulwiesen, dat d'Programmer vum ëffentleche Lëtzebuerger Enseignement uwent, absolvéiert goufen.

**2. Wéivill Demande d'option am Kader vum Artikel 27 sinn zanter 2017 refuséiert ginn, well den Demandeur eng ëffentlech international Schoul besicht hat?**

Déi verfügbar Donnéeën zu de Refusen am Kader vum Artikel 27 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwer d'lëtzebuergesch Nationalitéit erlaben et net, spezifesch festzestellen, wéi vill vun dëse Refusen Demandeure betreffen, déi eng ëffentlech international Schoul besicht haten.

Aus de verfügbaren Donnéeë geet ervir, datt zanter 2017 insgesamt 90 Demanden am Kader vum Artikel 27 refuséiert goufen, well d'Kandidaten eng international oder europäesch Schoul besicht haten, respektiv eng ëffentlech lëtzebuergesch Schoul, déi och international Klassen ubitt, wéi zum Beispill den Athénée de Luxembourg oder de Lycée Michel Lucius.

**3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass dësen Ausschloss nach gerechtfäerdegt ass, ugesinn datt d'Netz vun den ëffentlechen internationale Schoulen ausgebaut gëtt an datt do Lëtzebuergesch geléiert gëtt?**

Den Artikel 27 vum Nationalitéitsgesetz baséiert um Grondsaz, dass eng Schoulzäit vu mindestens siwe Joer am ëffentleche Lëtzebuerger Enseignement oder an engem private Schoulwiesen, dat d'Programmer vum ëffentleche Lëtzebuerger Enseignement applizéiert, eng adequat Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft an notamment déi néideg Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch dokumentéiert, soudass eng Dispens vum Sproochentest an dem Cours "Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg" gerechtfäerdegt ass.

D'Regierung ass sech gläichzäiteg bewosst, dass sech d'Schoullandschaft zu Lëtzebuerg an de leschte Jore staark virunentwéckelt huet, notamment duerch den Ausbau vun den ëffentlechen internationale Schoulen, awer och wat d'Programmer betrëfft.

**4. Kann den Här Minister fir Educatioun preziseieren, a wéi engem Mooss den Enseignement vun der lëtzebuerger Sprooch an d'Matière vun der Instruktioun civique an den ëffentlechen internationale Schoulen sech vun deem am klasseschen ëffentleche Schoulwiesen ënnerscheeden?**

Den Enseignement vun der Lëtzebuerger Sprooch an den ëffentlechen internationale Schoulen wäert ab dem Schouljoer 2027/2028 ënner verännerte Modalitéiten stattfannen, esou wéi dat an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3685 schonn exposéiert gouf. Een Deel vun dëser Äntwert sief hei reproduzéiert:

D'Servicer vum Edukatiounsministère goufe chargéiert, beim Conseil supérieur des Écoles européennes de Statut vum *Other National Language* (ONL) fir d'Lëtzebuergescht unzefroen. A senger Sessioun vum leschte 15. Abrëll ass dës Propositioun, nodeems se vum *Board of Inspectors*, dem *Joint Teaching Committee* an dem *Budgetary Committee* validéiert gouf, och vum Conseil supérieur ugeholl ginn.

Den ONL ass e Sproochecours, deen am Prinzip als Optioun am System vun den Europäesche Schoulen ugebuede gëtt, an zwar fir Schüler, déi aus engem Land kommen, an deem dës Sprooch als offiziell Sprooch unerkannt ass. Aktuell sinn als ONL Schweedesch (an der finnescher Sektioun), Finnesch (an der schweedescher Sektioun), Iresch a Malteesesch unerkannt; ab dem Schouljoer 2026/2027 kënnt Katalanesch dobäi; d'Aféierung vum Lëtzebuergeschen als ONL ass fir d'Schouljoer 2027/2028 programméiert.

An den ëffentlechen Europaschoulen hei am Land gëtt Lëtzebuergesch als ONL en obligatorescht Promotiounsfach bis zu der Klass S3.

D'Organisatioun vun den ONL-Coursë geet aus der Tabell hei drënner ervir.

| | |
|---|---|
| Maternelle a Primaire inférieur (bis P2) | 3 Periode vun 30 Minutten, zousätzlech zu aneren Disziplinnen |
| P3 bis S3 | 2 Periode vu 45 Minutten, zousätzlech zu den aneren Disziplinnen, als obligatorescht Fach |
| S4 bis S7 | 4 Periode vu 45 Minutten, amplaz vun enger „Langue 4“, als optionaalt Fach |

D'Kompetenzniveaue laut dem *Cadre européen commun de référence pour les langues* sinn déi follgend:

| ***Klass*** | ***Niveau*** |
|---|---|
| M1-P2 | A1.1 |
| P3-P5 | A1.2 |
| S1 | A2.1 |
| S2-S3 | A2.2 |
| S4-S5 | B1 |
| S6-S7 | B2 |

An den ëffentlechen Europaschoulen zu Lëtzebuerg gëtt den Niveau B1 am Héierverstoen um Enn vun der Klass S3 erreecht an zertifizéiert (an net den A2.2-Niveau, deen normalerweis vun der ONL virgesinn ass) (...).

Am Programm vun den ëffentlechen internationale Schoulen ass d'Matière vun der Instruction civique net ausdrécklech virgesinn; allerdéngs ginn am Syllabus vun dëse Schoulen och déi Sujeten ofgedeckt, déi an der "nationaler" Instruction civique traitéiert ginn.

**5. Gesäit d'Regierung eng legislativ Ännerung vum Artikel 27 vir, fir d'Schouljoeren, déi an ëffentlechen internationale Schoulen absolvéiert goufen, ganz oder deelweis unzeerkennen, gegebenefalls ënnert der Bedingung vun engem sproochleche Volet am Lëtzebuergeschen?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2458 am Zesummenhang mat den internationale Klassen a Lycéeën, déi zum ëffentleche Lëtzebuerger Enseignement gehéieren, erklärt gouf, iwwerleet d'Regierung eng Upassung vum Artikel 27. Eng legislativ Upassung vum Artikel 27 misst awer selbstverständlech am Aklang mat de Grondprinzippie vum Nationalitéitsgesetz bleiwen an do weiderhi kohärent sinn, besonnesch wat d'Kenntnisser vun der lëtzebuergescher Sprooch an d'Integratioun an eis Gesellschaft ugeet.

Sou kéint *expressis verbis* präziséiert ginn, datt Schüler aus den ëffentlechen Europaschoulen déi de Kompetenzniveau A2 am Mëndlechen a B1 am Héierverstoen um Enn vun der Klass S3 certifiéiert kréien, och an de Kader vum Artikel 27 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2017 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit falen.

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue